N°6937
Entrée le 30.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.09.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

A Frankräich hunn d'Prisonéier, wéi dat an der Loi pénitentiaire vun 2009 festgehalen ass, d'Recht, an hirer Zell sou oft, wéi si dat wënschen, mat engem Aumônier vun hirer Confessioun ze schwätzen, an dat ouni Iwwerwaachung.

Déi schrëftlech Korrespondenz tëscht Prisonéier an Aumônier ass a Frankräich strikt protegéiert. Siwe Confessioune sinn a Frankräich an de Prisongen zougelooss: déi kathoulesch Aumônerie, déi jüdesch Aumônerie, déi islamesch Aumônerie, déi orthodox Aumônerie, déi protestantesch Aumônerie, déi buddhistesch Aumônerie an d'Jehova-Zeien.

Wärend a Frankräich, mat der Ophiewung vun de sanitäre Restrictiounen am Kontext vun der Corona-Pandemie, d'Aumônieren erëm an d'Zelle bei d'Prisonéier kënne goen an domat e wichtege Bäitrag zur Humaniséierung vun de Prisongen a géint d'Radikaliséierung an de Prisonge leeschte kënnen, ass et den Aumônieren zu Lëtzebuerg nach ëmmer net erlaabt, an den Zelle mat de Prisonéier ze schwätzen, an dat, obschonns d'Covid-Restrictiounen hei am Land baal integraal opgehuewe sinn.

Och verfüügt déi kathoulesch Prisongsaumônerie net méi iwwer eng eege Bibliothéik an de Prisongen, wat fir déi Prisonéier, déi hir Relioun ausübe wëllen, vu groussem Nodeel ass.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Kann d'Madamm Minister preziséieren, firwat et den Aumônieren trotz der Ophiewung vun de Corona-Restriktiounen nach ëmmer net erlaabt ass, d'Prisonéier an hiren Zellen ze besichen?
2) Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, datt doduerch d'Reliounsfräiheet vun den Detenuen net méi integral assuréiert gëtt?
3) Ass dru geduecht, fir et den Aumôniere rëm ze erlaben, d'Prisonéier an hiren Zellen ze besichen? Wa jo, wéini an ënner wéi enge Konditiounen?

4) Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt déi schréftlech Korrespondenz tëscht Prisonéier an Aumônier wéi a Frankräich strikt protegéiert ass?
5) Leien der Madamm Minister Zuele vir, wéi vill "intervenants cultuels" an de Lëtzebuerger Prisongen zougelooss sinn,, opgedeelt no Confessiounen?
6) Kann d'Madamm Minister Zuele virleeën, wat de Budget ugeet, dee fir d'Reliounsausübung an de Prisongen a fir d'Formatioun vun den Aumôniere vum Staat zur Verfügung gestallt gëtt?
7) Kann d'Madamm Minister erklären, aus wéi enge Grënn d'kathoulesch Prisongsaumônerie net méi iwwer eng eege Bibliothéik verfüügt an ob dru geduecht ass, déi Decisioun rëm réckgängeg ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding,
Deputéierten